



# ZOOM

op d'Studentenzeen

D'STUDENTENZEITUNG

Edition 2014

B.P. 63 L-7201 Bereldange • contact@acel.lu • www.acel.lu

## Editorial

Léif Lieser,  
Pünktlech fir d'Foire de l'Etudiant ass en erëm do: de ZOOM.

Och dëst Joer gëtt dës kleng Zeitung erëm zesumme mam Tageblatt verdeelt, wat eis et erlaabt e grouse Public ze erreechen. Geschriwwen gouf e vun villen motivéierten Leit aus de Cercle an vun anerwäerts, déi eppes Interessantes erlieft hunn an hier Experienzen deelen wollten.

Dofir geet och e ganz groussen Merci un all déi Leit déi di flott Artikelen fir de ZOOM geschriwwen hunn an un all eis Partner, déi et méiglech maachen all Joer erëm esou flott Projeten ze realiséieren.

Mir hu mam Gedanke gespilt de ZOOM dëst Joer em ze benennen a "BAP" wat fir "Bescht ACEL Publikatioun" sollt stoen. Mir hunn eis awer schlussendlech entscheet bei ZOOM ze bleiwen well dës Zeitung et erméiglecht mat ZOOM op d'Lëtzebuerger Studenteliewen ze kucken.

Wat alles hei dra steet kënnt der jo selwer eraus fannen, dofir brauch ee keng Préface ;-)

Tom Hermes  
Président



Yves Roth  
Éditeur



## IWWERBLÉCK

### CELWo de Cercle vu Woluvé

Woluvé ? Noch nie gehört ! So wird es vielen gehen, welche diesen Artikel lesen. Dabei ist die Universität dieser kleinen Gemeinde am Rande Brüssels weltbekannt: die Université Catholique de Louvain...! Louvain in Brüssel? Und gibt's in Brüssel nicht schon den CELB? Ja es gibt eine Menge Erklärungsbedarf und dazu reisen wir, für die wo es interessiert, gute 60 Jahre in die Vergangenheit.....

### München REEL 2014

REEL... nondidjöö... Elo mol éierlech... woren dat net genial véier Deeg an der Weltstad mat Häerz? Also op d'mannst ech sinn atemlos. Zwar konnt ee sech schonns erwaarden, datt deen extremst kompetenten Comité vun dësem Joer een uerdentlechen Programm géing op d'Been stellen. Datt ech allerdings och dräi Deeg no der REEL nach ëmmer meng Stëmm net ganz erëm hunn, wor elo wierklech net geplangt.....

### 35 Joer LST

Den 18. Dezember 1979 ass den LST (Letzebuerger Studenten Tréier) vun e puer Studenten, di 1977 vun Louvain la Vieille eriwergewiesselt woren, gegrennt gin. Den 30. Mai 2014, daat wor e leschten Freiden, huet den LST offiziell seng 35 Joer gefeiert, an daat zu Tréier am Nell's Park. Iwwer 100 Leit woren agelueden, dovunner net nemmen aktuell Memberen, mee och ganz vill ehemoleg LSTler. Waat deen Owend esou geschidd ass an wie et wor, dozou speider mei...

» 12

» 8

» 7



ACEL  
de Studentevertrieder

## D'ACEL - däi Studentevertrieder

Aus engem Grapp voll engagéierte Studenten, déi 1984 decidéiert hu sech zesummenzede fir besser gehéiert ze ginn, ass eng Associatioun ginn, déi net méi aus dem lëtzebuenger Studentemilieu ewech ze denken ass. D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) vertritt haut net manner wei 44 Studentencercle déi duerch d'ganz Welt verspreet sinn.

### D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral.

Dëst mécht d'ACEL zum Représentant vun ronn 10.000 Studenten an ass domadder de gréissten an wichtigsten Studentevertrieder zu Lëtzebuerg.

### Mee, wat ass iwwerhaupt e Cercle a wou kommen se hier?

Vu datt d'Studienoffer zu Lëtzebuerg limitéiert ass, gi vill Lëtzebuenger Studente fir hiert Studium an d'Ausland. Dës Situatioun huet, ënner anerem, zur Grënnung vu Studentevereenegungen a villen europäesche Stied gefouert. Hei hu sech Lëtzebuenger Studenten zesumme fonnt, fir zesummen eppes z'ënnerhuelen an e Stéck Lëtzebuerg mat an d'Ausland ze huelen.

No a no sinn ëmmer méi Vereenegungen, och Cercle genannt, dobäi komm an 2014 ginn et 39 Cercle, déi aktiv Membere vun der ACEL sinn. Dës Veräiner sinn op 11 Länner verdeelt an dat iwwert d'Grenze vun Europa ewech. Dierneft ginn et nach 5 fachspezifesch Cercle (Medeziner, Economisten, Juristen, Psychologen an d'Ingenieuren).

Säit senger Grënnung huet sech den Daachverband dräi Haaptufgabe gesat:

Zesummebréng vum de lëtzebuergesche Studenten am Ausland, wéi och zu Lëtzebuerg. Representatioun a Verdedegung vun de Rechter vun de Studenten ob nationalem an internationalen Niveau. Informatioun vun de Studenten an den zukünftige Studenten.

### Zesummebréngen:

D'ACEL organiséiert verschidden Evenementer fir d'Studenten zesummebréngen an den Echange zwëschen de Studenten ze fuerderen.

De gréissten Event am Joer ass ouni Zweifel de „Studentebal“. Mat sengem eenzegaartege Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditiounen aus deene verschiddenen europäesche Studentestied zesummen.

En anert wichtegt Evenement am Kalenner vun all Student ass den „Tournoi de Noël“. An dësem Sportstournéier trieden Equipen aus de verschiddenen Unisstied am Volleyball, Fussball a Basket während zwee Deeg géinteneen un. Den Erléis geet un e gudden Zweck.

### Informatioun:

D'ACEL bréngt net nëmmer hier Studenten zesummen mä informéiert se och. Dëst mécht se mat Hëllef vun hirem „Guide du Futur Diplôme“, deen geduecht ass dem jonken Diplomierten eng Starthelf ze sinn fir an d'Aarbechtswelt. Doriwwer eraus huet d'ACEL sech och als Ziel gesat déi zukünftige Studenten ze informéieren, an zwar mat hirem „Guide du Futur Étudiant“,

deen all Joer am September nei eraus kennt. De „Guide du Futur Étudiant“, den et säit 1987 gëtt, informéiert zukünftige Studenten aus éischter Hand iwwert d'Liewen an d'Studienméiglechkeeten an de verschiddenen Unisstied.

De Guide liwwert Informatiounen iwwert déi verschidden Unien, Aschreiwungsterminer, Aschreiwungskonditionen, etc. an nützlich Informatiounen wat d'Liewen an de Stied selwer betrëfft. (wéi en am beschten eng Wunneng fënn, de Präis vum Loyer, etc.).

De „Guide du Futur Diplôme“, den et säit 1999 gëtt, regroupéiert all wichteg Informatiounen fir den Antritt an d'Beruffswelt. Dëse Guide kennt all Joer Enn Mee eraus.

Déi zwee Guiden sinn gratis erhältlech. Niewent dësen zwou Publikatiounen geet d'ACEL och regelméisseg an di verschidde Lycées fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren. D'ACEL an hier Membercercle sinn och all Joer op der „Foire de l'Étudiant“ vertrueden fir den zukünftige Studenten sou gutt a sou vill wie méiglech nützlich Informatiounen mat op de Wee ze ginn.

### Representatioun:

Net manner wichteg wéi d'Informatiounscampagne vun der ACEL ass d'Vertriedung vun de Studente vis-à-vis vun den Autoritéiten an d'Verdedegung vun hire Rechter. An dësem Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèren ënner anerem den fir Héichschoulbildung a Forschung.


E ganz wichtegen Datum am lëtzebuergesche Studentenkaleenner ass d'REEL (Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois) déi all

Joer vun engem anere Studentencercle organiséiert gëtt. Dëst grousst Zesummentreffen vun lëtzebuenger Studenten war d'Basis fir d'Grënnung vun der ACEL.

Säit 1984 bréngt d'REEL all Joer ronn 150 Studenten zesummen. Während dësem Zesummentreffen fannen Diskussiounen an en Austausch zu verschiddenen aktuellen Theme statt. D'Schlussfolgerung vun dësen Diskussiounen ginn dann op der „Journée officielle“ un den Héichschulminister erugedroen. Dësen Dag steet am Zeeche vun engem interaktiven Débat zwëschen Studenten a Ministerium. Ausserdem bréngt d'REEL järelech lëtzebuenger Studenten aus ganz Europa zesummen fir onvergessleche Momenter an der Gastgeberstad ze verbréngen an dës ze entdecken.



## Entdeck deng Uni! Sief Student fir 1 Dag



Sous le Haut Patronage du Ministère de l'Éducation nationale

### Entdeck deng Zukunft

Deng Uni, deng Stad, däi Liewen -  
Géi deng zukünftige Uni mat richtege Studente  
kucken an looss der weisen wéi een als  
Student an der Stad leeft

www.acel.lu  
contact@acel.lu  
www.emile-weber.lu

Wou ass d'Bibliothék? A wei engem Gebai fannen ech d'Sekretariat? Schmaacht d'Pizza hei genee esou gutt wéi doheim? A wou fannen ech ee flotten Café fir Owes ee bëssi ofzuschalten?

Dës an nach vill aner Froen stelle sech Joer fir Joer eng Réi Schüler déi de groussen Sprong op d'Uni wohen. Fir déi zukünftige Studenten esou gutt wei méiglech op hiren neien Liewensof schnett firzereeden an hinnen déi néideg Informatiounen ze liwweren huet d'ACEL och dës Joer nees säi Projet « Student fir 1 Dag », an Zesummenaabrescht mat Voyages Emile Weber an den verschiddenen Studentencercle, organiséiert.

Während der Ouschervakanz goufen dës Joer Dagesreesen op Köln, Bréissel, Kaiserslautern, Stroosbuerg, Karlsruhe, Saarbrécken, Tréier, Oochen an Düsseldorf ugebueden. D'Ziel ass et de Schüler op der Platz d'Uni, de Campus mä awer och d'Stad selwer vun aneren lëtzebuergeschen Studenten weisen an erklären ze loossen.

### Uni, Campus a Bibliothék

Moies geet et lass matt enger Visite vun der Uni, oder vun den Uni'en a vun deene wichtigste Gebaier vum Campus, ewéi d'Bibliothék, d'Hörsäll oder nach d'Administratioun, um Programm. Op deenen techneschen Unien hatten d'Schüler esou guer d'Méiglechkeet sech verschidde Projete vun de Studenten unzekucken. D'Visite vun der Uni gëtt meeschtens mat engem Mëttegiessen an der Kantinn ofgeschlossen.

### Studentestied

Nomëttes geet et dunn an d'Stad. Hei ginn et praktesch Tipps an Tricks zum Studenteliewen an d'Schüler kënnen sech ee Bild vun hierer Studentestad maachen. Natierlech ginn et während dem ganzen Dag Äntwerten op all méiglech Froen sou dass en interessanten Austausch tëschent Schüler a Studenten entsteet.

### Du wëlls méi wëssen?

Weider Informatiounen zu de Reese ginn et op der Foire de l'Étudiant um Stand vun der ACEL an op de verschidde Stänn vun eise Studentencercle, mä awer och um Internet-site [www.acel.lu](http://www.acel.lu) an via [contact@acel.lu](mailto:contact@acel.lu).

### E grouse Merci!

Op dëser Platz wëllt d'ACEL seng Partner, besonnesch Voyages Emile Weber, Merci soen, ouni déi d'ganz Organisatioun vum Projet "Student fir 1 Dag" net méiglech gewiescht wär.

Merci och un déi verschidde Studentencercle déi ëmmer mat grousser Motivatioun de Projet ënnerstëtzen an de Schüler ee Bild vun hirer Uni an hirer Stad ginn.

Jessica Leuck

# D'ACEL

## A SÉNG MEMBERCERCLEN

E STAARKT  
STÉCK STUDENT



Weider Infos ënnert [www.ancel.lu](http://www.ancel.lu)

# Mam Vëlo Heem: Karlsruhe - Lëtzebuerg



„Eng Kéier mam Vëlo vu Karlsruhe zréck op Lëtzebuerg“, dat duechten sech 1986 eng Réi Karlsruher Studenten. Sait deem fannen sech all Joer e puer Vëlosport-Begeeschert Membere vun der AELK (Amicale des étudiants luxembourgeois à Karlsruhe) zesumme fir sech mam Vëlo op de Wee vu Karlsruhe bis a Stad Lëtzebuerg ze maachen. De Karlsruher hier Vëlosheemrees ass also méttlerweil zur Tradition ginn.

De 4. Juli vun dësem Joer stoung déi 28. Editioun um Programm. Treffpunkt fir déi 10 motivéiert Coureuren, déi 2 Camionnetten-Chaufferen an d'Fotografen war moies fréi (bzw. owes spéid) em 4 Auer an enger WG zu Karlsruhe. Eis Sportler hunn hei mathëllef vu Spaghettien déi néideg Kuelenhydrater getankt, während d'Chaufferen d'Stréck namol duerchgang sinn. Wéi em 5 Auer dann och (endlech) dee leschte Participant agegraff war, huet sech d'Ekipp op de Wee gemaach.



D'Gesamtstréck zitt sech all Joer iwwer 250 Kilometer, opgedeelt op 5 Etappen. D'Stréck geet firdéicht duerch dat fir d'Karlsruher kënneg Bundesland, Baden-Württemberg, dann duerch d'schéint kleng Dierfer a Landschaften vum Rheinland-Pfalz a vum Saarland. Di lescht Etapp geet dann duerch Lëtzebuerg, ugefaangen op der Miseler Grenz zu Réimech bis erop a Staat. Tëschen all Etapp gëtt eng kleng Paus gemaach fir d'Grupp erëm zesummen ze kréien, de Bidon frësch ze fëllen an en Müsliriegel z'iessen. Zu Saarbrécken ass géingt Mëtteg Zäit fir eng grouss Paus, wou jidderee mat gudder Sandwicher nei Energie sammelle kann. Kuckt een sech déi motivéiert Participante vun der Vëlosheemrees un, mierkt een, datt dat nach laang net nëmme Profi-Vëlofuerer sinn. Et sinn der och derbäi, déi am Joer net méi fuere wéi hier aldeeglech 2 Kilometer bis op d'Uni oder 2 mol d'Joer en klengen Tour Sonndes Mëttes. Vun Ausrüstung ass och alles derbäi vum Karbon-Vëlo an komplette Vëlo-Outfit bis zum Stadvélo a geléinter Vëlo box. Mir huele jidderee mat, och wann en nëmme 1 Etapp fiert oder säi Schlauch 3 mol muss gefléckt ginn. Hei kann een dann och soen, dass mer eis all Joers immens freeën, wann puer vun den ale Karlsruher Studenten, eis Ancienen, owes nach op Karlsruhe komme fir moies prett mam Vëlo beim Start ze stoen oder sech Réimech un d'Grupp uschlëssen.

No 12 Stonnen um Suedel, ass déi ganz Grupp schlussendlech um Siège vun eisem Hauptpartner, der BGL BNP Paribas, ukomm. Hei goufen si vun hire Familjen, Kollegen a Membere vun

der „Amicale des anciens étudiants luxembourgeois à Karlsruhe“ empfaangen. Doudm, mat Pudding an de Been an awer och mat enger verdéngter Portioun Stolz, hunn si sech iwwer den Éierenwain an d'Schnittecher um Empfang gefreet.

Sait e puer Joer, ass de Grond fir Vëlosheemrees net nëmme nach de bekannte sportlechen Éiergäiz vun de Karlsruher Studenten, mee et ass verbonne mat enger Spent fir de gudden Zweck. Am Joer 2014 hunn mir d'Karlsruher Organisatioun „Engineers Without Borders“ ([www.ewb-karlsruhe.de](http://www.ewb-karlsruhe.de)) gewielt. All Coureur kann sech vu Parrainen a Marrainen ennerstëtze loosse. Pro gefuerenem Kilometer verpflicht sech de Parrain oder d'Marraine eng fräi wielbar Sommen ze spenden. Vee sech net sécher ass zu wéi enger Distanz eis Coureure fäeg sinn oder dat ganz einfach ennerstëtze well, dee ka selbstverständlech och een normalen Don maachen. Am beschte geet dat iwwer eise Site: [www.aelk.lu/velo](http://www.aelk.lu/velo). Fir Vëlosheemrees 2014 ass dat nach bis den Dezember 2014 méiglech.

Zum Schluss, bleiwen nach puer Mercien ze soen. Dat grousst sportlech Event wier sécher net méiglech ouni all eis Partneren: BGL BNP Paribas, Gulf, Luxplan s.a., Diekirch, Foyer, Schroeder & Associés, Soclair, Zika, Voyages Emile Weber, Immo-World an Demy Schandeler. Ouni si, hätte mer keng Camionnetten a keng Sue fir d'Müsliriegelen, d'Waasser, d'Vëloschläch, d'Plooschteren, de Bensin an de ganze Rescht. Alles wat un Suen iwwreg bleift, an dat ass (wat eis immens freet) en grousse Montant, fléisst integral mat un d'Organisatioun,



un déi mer spenden. En zweete Merci, geet un de Comité vun der AELK, déi sech scho Méint virdru bis den Dag selwer Gedanken iwwer déi nächst Editioun ze maachen, fir dass den Dag selwer och alles klappt. Guer net et ze ennerschätzen ass och d'Gedold vun de Camionschaufferen an deenen aneren Hellefer, déi eng Stréck vun 250 Kilometer hannert de Coureure mat enger Moyenne vun 30 km/h fuere. Si këmmere sech em all kleng Bobo, platte Pneuen an erschöpfte Vëlofuerer. An natierlech als gudder lescht soe mer all eise geniale Sportler Merci, dir sidd di Bescht!



**OGBL**  
jeunes

## OGBL – À TES CÔTÉS POUR T'AIDER À RÉUSSIR TON DÉMARRAGE DANS LA VIE ACTIVE!

Ce qui aujourd'hui semble évident pour les salariés ne va pas de soi et n'a pu être obtenu qu'après de longues luttes. Ce sont en effet les syndicats qui se sont battus pour obtenir le congé payé, le versement des heures supplémentaires, les délais de préavis en cas de licenciement ou des avantages extra-légaux.

L'OGBL, 1<sup>ère</sup> force syndicale au Luxembourg, représente les intérêts des salariés au niveau national face au gouvernement et aux employeurs, dans les institutions de la sécurité sociale et devant les juridictions.

L'OGBL défend les acquis sociaux comme les droits des salariés, les prestations sociales et la protection du pouvoir d'achat. Dans les entreprises et secteurs, l'OGBL défend les droits des salariés et s'engage pour l'évolution continue des salaires et conditions de travail via ses 15 syndicats professionnels.

L'OGBL informe, conseille et assiste ses membres via **+352 26543 777** et **WWW.OGBL.LU**

Les jeunes sont joignables via **JEUNES@OGBL.LU** et **WWW.OGBL.LU/JEUNES**



# ALEM - Luxembourg Medical School (LMS)

Seit einigen Monaten wird die Gründung einer Luxembourg Medical School (LMS) nun auch in der Öffentlichkeit diskutiert. Die ALEM (Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine), die seit Beginn in die Planung der LMS einbezogen wurde, hat eine Studie zu diesem Thema realisiert und zieht wichtige Schlussfolgerungen. Doch zuerst einmal zur Frage, welche Vorteile die Gründung der LMS mit sich bringen würde.

## LMS: der Nutzen für das Land und die Studenten

In Luxemburg wird bisher nur das 1. Jahr des Medizinstudiums angeboten. Durch bestehende Partnerverträge mit Auslandsuniversitäten, können die Studierenden nach diesem 1. Jahr nach Frankreich, Belgien oder Deutschland wechseln. Da dieser so genannte Quereinstieg oftmals eine sehr komplizierte Angelegenheit ist, die mit viel Stress, Organisation und Papierkram verbunden ist, würde die Gründung einer LMS, welche den Studierenden die gesamte Basisausbildung ermöglicht, dieses Problem lösen. Hinzu kommt, dass die Studiengänge an deutschen Universitäten oft anders aufgebaut sind als an der Universität Luxemburg, die sich eher nach dem französischen System orientiert. Deswegen finden sich viele Studenten wegen mangelnden Äquivalenzen oft im 1. Jahr wieder, obwohl dieses bereits absolviert wurde. In Belgien ist der Quereinstieg seit 2012 durch eine Quotenregelung eingeschränkt, da nur 30% der ausländischen Studenten sich hier in den Studiengang einschreiben darf. Eine LMS würde somit Luxemburg gegenüber dem Ausland unabhängiger machen.

Aber auch wenn die jeweiligen Partnerverträge bestehen bleiben, ermöglicht eine LMS zusätzliche Mediziner auszubilden. In der Tat wird der Nachwuchs luxemburgischer Ärzte immer geringer. Diese jungen Medizinstudenten können spätestens in ihrem so genannten ‚Praktischen Jahr‘ an der Grundversorgung der luxemburgischen Krankenhäuser teilnehmen. Nach dem sechsjährigen Grundstudium folgt dann die Weiterbildung zum Facharzt, welche noch einmal, abhängig von der Fachrichtung, zwischen 3 und 8 Jahre dauert. Diese Facharztausbildung kann zum Teil schon in Luxemburg absolviert werden und die Ausbildung zum Allgemeinmediziner kann bereits vollständig in Luxemburg abgeschlossen werden. Dementsprechend würden 9 Jahre nach der Gründung der LMS die ersten neuen luxemburgischen Ärzte zum Einsatz kommen und man könnte so dem Ärztemangel entgegen wirken, den wir bereits heute schon ohne den Zustrom von Spezialisten aus dem Ausland nicht mehr bewältigen könnten. Dieser Mangel wird sich in den nächsten Jahren verdeutlichen, wenn die „Baby-Boom“ Generation in Rente geht.

Beim Aufbau einer Medical School sollte man auch darauf achten, dass die Interaktion und der gute Kontakt zwischen Dozent und Student sowie eine optimale klinische Ausbildung, die bei Bedarf durch Auslandsaufenthalte ergänzt werden kann, im Vordergrund steht. Beide Aspekte kommen an großen Universitäten oft zu kurz, sind jedoch eher Stärken von Medical Schools die in der Größenordnung wie in Luxemburg geplant sind (25-50 Studenten pro Jahr).

Des Weiteren würde eine LMS auch Luxemburger, die im Ausland eine Karriere als Akademiker begonnen haben, wieder zur Rückkehr bewegen, da sie diese auch hier weiterführen könnten. Luxemburg könnte sich in Bereichen wie zum Beispiel der Biomedizin noch besser vernetzen und Fachausbildungen könnten weiter ausgebaut werden. Da Soziologen warnen, dass die jetzige Generation wieder viel mehr Wert auf ein intaktes Familienleben legt, würde die Ausbildung im heimischen Umfeld auch nur von Vorteil sein.

Letztens muss auch der finanzielle Aspekt erwähnt werden. Luxemburger Studenten, die ihr Studium an der LMS ableisten, können während diesem Zeitraum zu Hause wohnen bleiben, was für eine finanzielle Entlastung sorgt. Andererseits stellt sich die Frage wie Studen-

ten mit den 3 Sprachen zurechtkommen in der die Lehre stattfinden wird (Englisch, Deutsch, Französisch). Außerdem müssen die Studenten sehr mobil sein, da sie je nachdem wo sich grade Ärzte für die Lehre bereit erklären zwischen CHL, CHEM, CHK...usw. wechseln müssen.

## Die Frage der Lehre

An großen Universitäten im Ausland wird die Ausübung der Lehre von Akademikern mit Professorentiteln und ihrem Team übernommen. Da es in Luxemburg aber nur eine geringe Anzahl an Akademikern gibt, muss man in diesem Punkt umdenken. Eine hohe Anzahl an Professoren bzw. Lehrstühlen bringt auch größere Kosten mit sich und entspricht nicht dem Bedarf der LMS. Als Alternative kommen hier die in Luxemburg tätigen Ärzte in Frage, was genau dem Konzept einer ‚Medical School‘ entspricht. Man greift also auf erfahrene Kliniker ohne Habilitation (Professor Titel) zurück um ein Teil der Lehre zu übernehmen. Nach diesem Prinzip funktioniert z.B. auch die Harvard Medical School.

Die hohe Anzahl an Akademikern im CHL sowie an Universitätskliniken im Ausland zeigt, dass größtenteils festverdienende Ärzte (médecins salariés) flexibel genug sind sich nebenbei um Lehre und Forschung zu kümmern. Ob letzten Endes genug Mediziner für die Lehre zu Verfügung stehen wird sich noch herausstellen müssen. In der Hinsicht wird besonders das Südspital, wegen der Nähe zur LMS in Belval, sich überlegen müssen, wie es seine Kliniker in die Lehre integrieren will.

## Die ALEM hat nachgefragt

In einer Umfrage zum Medizinstudium in Luxemburg, die von Sébastien Rinaldetti (Sprecher der ALEM) durchgeführt wurde, haben sich Schüler und Studenten durchweg positiv über ein solches Studium geäußert. In Form eines Fragebogens wurde erörtert, ob Schüler und Studenten an einem solchen Studium in Luxemburg interessiert seien. Die Angabe von Begründungen war außerdem erwünscht. Auf die Umfrage haben insgesamt 259 Personen geantwortet, davon 159 Medizinstudenten und 100 Schüler der „classes terminales de l'enseignement secondaire classique et secondaire technique“. Festgestellt wurde, dass Schüler und Studenten im umgekehrten Verhältnis zueinander geantwortet haben: So ziehen es 64% der Medizinstudenten vor, im Ausland zu studieren (demnach haben sich 36% für Luxemburg entschieden), die Schüler ziehen jedoch ein Studium in Luxemburg vor (66%), denn lediglich 34% würden sich für ein Studium im Ausland entscheiden. Zusammenfassend liegt die Quote für ein Auslandsstudium bei 52%, das Studium in Luxemburg erreicht somit 48%. (Abbildung 1)




Abbildung 1: A. Meinung der Med.Studenten B. Meinung der Schüler C. Globale Meinung Alle Angaben in Prozent

Als Einflussfaktoren wurden vor allem finanzielle Vorteile und der familiäre Umkreis angegeben, welche die Schüler/Studenten zu einem Studium in Luxemburg bewegen würden. Das Studium im Ausland kann mit den Argumenten der Selbstständigkeit, dem Prestige der Universität und dem Entgehen des komplizierten Quereinstiegs punkten. (Tabelle 1)

| Studium in Luxemburg |                                                      |
|----------------------|------------------------------------------------------|
| 1.                   | Fianzieller Vorteil                                  |
| 2.                   | Familiärer Umkreis                                   |
| Studium im Ausland   |                                                      |
| 1.                   | Selbstständigkeit                                    |
| 2.                   | Prestige der Universität                             |
| 3.                   | Komplizierter Quereinstieg von Luxemburg ins Ausland |

Die genaue Anzahl der luxemburgischen Medizinstudenten im Ausland kann nur geschätzt werden. Laut CEDIES geht man davon aus, dass sich ca. 700 Studenten zurzeit im Grundstudium in Human- und Zahnmedizin befinden. Nach den Umfrageergebnissen führt dies zu einer Anzahl von 50-70 interessierten Studenten pro Jahr, die aus dem "enseignement secondaire" des Großherzogtums hervorgehen. Hinzu

kämen noch die ausländischen Studenten, für die eine LMS sehr attraktiv wäre, um zum Beispiel den Numerus Clausus in Deutschland oder den ECN (Examen Classant National am Ende des Grundstudiums) in Frankreich zu umgehen. Auf diese Studenten kommt jedoch ein größeres Problem zu: die hohen Mieten die selbst für luxemburgische Studenten nicht bezahlbar sind, hohe Lebenshaltungskosten und die Anschaffung kostspieliger Literatur um nur die Wichtigsten zu nennen. Auch haben die Studenten, luxemburgische sowie ausländische, den Nachteil, dass sie während des Grundstudiums Pflichtpraktika erfüllen müssen (24 Monate) und so in den Semesterferien kaum Zeit bleibt, durch einen Nebenjob ein kleines eigenes Einkommen, das die Kosten etwas dämpfen könnte, zu generieren. In Deutschland und Belgien hat man zumindest die Wahl, sich an Krankenhäuser zu wenden, die eine finanzielle Entschädigung anbieten. Für luxemburgische Krankenhäuser gilt also, dass sie eine Bringschuld gegenüber von ausländischen Universitäten einholen müssen. Die Gründung der LMS könnte ein Startschuss sein, um dieses Problem an zu gehen.

Fabrice Glod

## ALEM - Summer



# ANEIL - d'Ingenieur Studenten

Wat oder ween ass d'ANEIL?  
A wat maachen déi?

ANEIL steet fir "Association nationale des étudiants ingénieurs luxembourgeois"! Dëse Veräin/Cercle vertritt säit 1958 zu Lëtzebuerg an an Europa lëtzebuergesch Studenten aus de Beräicher Naturwëssenschaft, Technik, Ingenieurswiesen an Architektur.

Mir si Member vun der ACEL, der ALI (Association luxembourgeoise des ingénieurs) an EYE (European Young Engineers).

Wat kanns du dann elo als Student oder zukünftigen Student aus de genannte Studiegäng mat der ANEIL maachen? A firwat ass et sou eng gutt Iddi bei eis Member ze ginn?

Net nëmme vertrieed mer deng Interessen virun Press, Politik, Recherche an Industrie, mä mir organiséieren all Joer vill Evenementer, déi dech souwuel fachlech wéi och perséinlech ënnerstëtzen.

Eise wichtigsten Dag ass de Karfreideg, op deem mer eis Table Ronde hunn, bei där Studenten mat Entrepreneuren zesumme kommen an iwwert eng méiglech gemeinsam Zukunft schwätze kënnen! Owees gëtt et fir eis Memberen Fräibéier, sou dass och de studenteschen Deel net ze kuerz kënn.

Zesumme mat der Fondation Enovos an der ALI organiséiere mer de Prix d'excellence, bei deem déi bescht Ofschlossarbeiten mat engem attraktiven Geldpräis belount ginn.

Duerch eise Memberstatus bei European Young Engineers hutt dir als Member d'Méiglechkeet un enger Konferenz vun EYE deelzehuelen. Déi waren an de leschte Joeren ënner anerem zu Rotterdam, Malta, Dublin, Antwerpen oder Sarajewo.

Méi oft gesinn sech all eis Memberen op eisen Industrievisiten, Reesen an dem Summerevent. Hei hues du net nëmme d'Méiglechkeet, Entrepreneuren zu Lëtzebuerg an am Ausland vun enger Säit ze gesinn, déi soss dem Public net zougänglech ass, mä du léiers dobäi och nach Studenten aus ville verschiddenen, an trotzdem ähnlech ausgeriichte Studiegäng kennen! Als Beispill fir eng Rees erzielen ech iech e bëssen vun eiser leschter Rees op Frankfurt am Main:

Eis éischt Visite war bei der Frankfurter Wertpapier Börse. Wanns du dech winners, wat Ingenieuren un der Bourse maachen: net nëmme ass et och fir Ingenieuren wichtig, déi ökonomesch Zesammenhäng vun der moderner Welt ze verstoen, mä d'Bourse ass voll mat Ingenieursleeschtungen. De sougenannten High Frequency Trading z.B. brauch Computere an Algorithmen, déi vun de schlauste Käpp optiméiert ginn. Iwwerhaupt leeft déi komplett Bourse hautsdaags digital, sou dass Ingenieuren och hei noutwenneg sinn! Weider Visiten hate mer am Deutschen Architekturmuseum an dem Frankfurter Flughafen. Zemoos beim

d'ganzt Rollfeld mat dem Cargoeräich, de risege Maintenance Halen vun der Lufthansa, Visite bei de Pompjeeën, ... sou interessant Saachen erlieft ee mat eis bei all Event!

Ofgesinn vun dësem sériösen Deel hate mer awer och soss nach vill Spaass, wéi sech dat fir jonk Leit gehéiert. Mir haten e Wagon vum Ebbelwei Express gelount, engem Tram, mat deem mer duerch ganz Frankfurt gefuer sinn a gläichzäitig gemittlech Äppelwäin, eng Frankfurter Spezialitéit, genoss hunn. Sightseeing hu mer och ze Fouss gemaach, a Frankfurt als eng Stad kennegeléiert, déi anescht ass wéi een se aus der Télé oder Filmer kennt. Gehollef huet do natierlech, dass mer 2 lëtzebuergesch Architektur Studentinnen aus Frankfurt dobäi haten – d'ANEIL profitéiert oft vun sou Insiderwëssen. D'Nuetsliewen ass och net ze kuerz komm mat z.B. Public Viewing vun der WM an der Commerzbank Arena an enger Cafés Tour mam LSRM, dem Cercle vun de lëtzebuergesch Studenten am Rhein Main Gebidd.

Dëse ganze Programm kruten eis Memberen gebueden fir eng Bedeelegung vun 150Euro - do waren Transport, Jugendherberg, Visiten an och deen een oder anere Patt mat dran! Definitiv eng interessant Offer...



Du hues dech sécherlech scho gefrot wat dee Summerevent ass, vun deem ech geschwat hunn. Du muss wëssen, dass mer all Joer gutt 6 Visiten zu Lëtzebuerg hunn. Zousätzlech hu mer um Summerevent a ganzen Dag mat Visiten, lessen an engem gudde Patt. Dëst Joer huet eis de Summerevent ganz an d'Stad Lëtzebuerg entféiert.

Mir hu Moies ugefaang mat enger Visite vun de Kasematten. Natierlech net dem normalen Touristentour, dee ka jo jidderee maachen – dat ass ze gewéinlech fir d'ANEIL. Mir kruten eng privat Féierung vun de "Frënn vun der Festungsgeschicht" duerch déi rezent fräigeluechte Kasematten vum Plateau du Rham ("op der Rhum") a sinn duerch al, wéi och nach guer net sou al Geschicht gefouert ginn, dorënner e Gasschutzbunker, ale Kasären an engem ale Waassersystem. Rauskomm si mer am Gronn, e puer Meter weider vum Scotts – beandrockend wann ee bedenkt dass mer beim INS ënnert de Buedem gang sinn.

No engem gudde Mëttegiessen ass et weider gang op de Kierchberg. "Wat gëtt et dann do



hei ugesidelt, mä och vill Entrepreneuren mat weltwäiter Reechwäit. Architektonesch wichtig Gebaier ginn et hei och genuch, an déi Leit déi sech fir Städteplanung interesséieren gesinn hei déi verschidden Theorien a Strategien aus de leschte 50 Joer ganz no beieneen.

Mir kruten e Virtrag an e Bustour vun enger Architektin vum Fonds de Kirchberg gehal, an hunn de Kierchberg bemol mat aneren A gesinn.

Eng lescht Visite huet eis un de Fouss vum Héichhaus bruecht. Hei ass de Kongresszenter vu Lëtzebuerg – e beandrockend Gebai dat souwuel fir de Conseil vun der Europäescher Unioun, fir Sëtzungen an Events vun Entrepreneuren an dem Staat, a fir privat Zwecker genotzt gëtt. Eis Visite gouf geleet vun 2 Leit vun "Luxembourg Congrès" selwer, mä mir hate nach

e "klengen" Extra parat fir eis Memberen: e Member vun der ANEIL huet eis 2 Architekten vum Gebai matbruecht, also déi Experten déi selwer dëst Gebai geplangt an Entworf hunn! Erënnert der iech un den "Insider" Virdeel vun der ANEIL? Dëst si keng eidel Versprieche...

Den Dag ass mat engem Apéro am Coco Mango, der héchster Cocktail Bar iwwert der Stad Lëtzebuerg, an engem lessen am Gronn ofgeschloss ginn.

Wanns du elo interesséiert bass Member vun der ANEIL ze ginn oder eis kennenzelieren, egal obs de scho Student bass oder eréischt gëss, da besich eis entweder um Internet op [www.aneil.lu](http://www.aneil.lu) oder Facebook (Grupp "ANEIL") oder besich eis op eistem Stand op der Foire de l'étudiant.



## INFO-CENTER

**Vous avez rapidement besoin d'une réponse claire et précise à vos questions concernant le droit social et le droit du travail luxembourgeois ?**

**Sie benötigen schnell eine klare und einfache Antwort auf Ihre Fragen rund um das Luxemburger Arbeits- und Sozialrecht?**

**HOTLINE: (+352) 49 94 24 – 222**

**(Lu-Ve / Mo-Fr: 8:30 - 12:00)**

**E-MAIL: [infocenter@lrgb.lu](mailto:infocenter@lrgb.lu)**

**[www.lrgb.lu](http://www.lrgb.lu) | [blog.lrgb.lu](http://blog.lrgb.lu)**

11 RUE DU COMMERCE, BP 1208 L-1012 LUXEMBOURG | TEL: 49 94 24-1 | [INFO@LCGB.LU](mailto:INFO@LCGB.LU)



Frankfurter Flughafen weist sech de Virdeel vun der ANEIL: D'Chance ass grouss, dass du schonn eng Kéier um Frankfurter Flughafen wars, wahrscheinlech hues du de Flughafen awer ni sou gesi wéi mir! En Tour iwwert

ze gesinn ausser dem Kino an dem Auchan?" frees de dech vläicht. De Kierchberg ass de beandrockendst wuessende Quartier vu Lëtzebuerg, ugefaang an de 50er Joeren. Net nëmme si vill wichtig europäesch Institutionen

# Den LST feiert seng 35 Joer!

Den 18. Dezember 1979 ass den LST (Letzeburger Studenten Tréier) vun e puer Studenten, di 1977 vun Louvain la Vieille eriwweergewieselt woren, gegrennt gin. Den 30. Mai 2014, daat wor e leschten Freiden, huet den LST offiziell seng 35 Joer gefeiert, an daat zu Tréier am Nell's Park. Iwwer 100 Leit woren agelueden, dovunner net nemmen aktuell Memberen, mee och ganz vill ehemoleg LSTler.

Waat deen Owend esou geschidd ass an wie et wor, dozou speider mei.

## Vun Louvain la Vieille op Tréier: Den Jean-Claude Havé erklärt

De Jean-Claude Havé ass en Grennungsmember vum LST, an op der 35-Joer-Feier haaten d'Gäscht d'Geleegenheet, bei enger Ried vun him méi iwwert d'Geschicht vun hierem Cercle erauszefannen.

1977 haat heen sech zesummen mat engem aanderen Kollege décidéiert, vun Louvain la Vieille op Tréier ze wiesselen. Amfong wollten se op Louvain-la-Neuve, mee do war deemols Chantier. D'Uni Tréier war ganz nei an reicht seit 4 Joer rem op; daat eent huet zum aanderen gefouert.

Vu que daat d'Uni Tréier deemols awer nach an zwee gespleckt war, well deen neien Deel, wou haut d'Uni ass, nach net ganz färdég wor, hun d'letzeburger Studenten sech eppes missten anfaalen loossen, fier sech mei oft kennen ze gesin, an daat nootst, waat op der Hand lung, war d'Grennung vun engem Studentenclub, dem LST. Formell ass deen den 18. Dezember 1979 gegrennt gin.



## 35 Joer dono: Den LST haut

Verglach mat freier huet sech am LST su munches verännert. Aus deem klengen Studentenclub, deen 1979 gegrennt gin ass, ass dei greissten auslännesch Fachschaft zu Tréier op der Uni gin. Haut huet den LST ongefeier 60 aktiv Memberen an en Comité, deen dofier suerget, daat Joer fier Joer zu Tréier de Bam brennt. Obwuel den LST vlait net sou grouss ass wei verschidden aaner letzeburger Cercle, z.B. Bréissel, München oder Louvain, zielt

## Den LST-Comité an de 35-Joer-Organisationscomité



Vun lenks no riets, fier: Philippe „Flipper“ Recht, Sandra Schmit (Présidente), Jil Hoesser, Nathalie Haas, Pit Weber, Claire Boden, Ben Greiveldinger, Gilles Saracini, Max Wasmer  
Mett: Claude Wilwerding, Philippe Kayser, Deborah Foetz, Jeff Bieber, Thierry Kruchten  
Hannen: Pit Kerger, John Bley



en trotzdeem zu deenen Aktivisten, an daat net nemmen zu Tréier, mee och zu Letzebuerg. Fier dei grouss Feier am Nell's Park huet jiddfeeren missen unpaacken, well et gouff genuch ze organisieren an ze preparieren. De Comité huet vill Iwwerstonnen gemaat, mee daat sollt sech bezuelt maachen!

## Eng riesegrouss Party: Den Owend am Reckbleck

Den 30. Mai 2014 huet den LST seng 35 Joer gefeiert, an daat zu Tréier am Nell's Park. De Kader wor chique, d'Atmosphäre entspaant an d'Leit gudd drop. Ongefeier 120 aktuell an aal Memberen haaten hieren Wee op Tréier fonnt. Lass gaangen ass et um 19:00 mat engem Sekttempfang dobaussen am Park. Nodeems all d'Gäscht agetraff woren ass et eran gaangen, wou di aktuell Präsidentin vum LST, d'Sandra Schmit, eng flott Eröffnungsried gehaalen an jiddfeeren am Numm vum LST häerzlech begreisst huet. Fier Animatioun an gudd lessen war natierlech och gesuerget; en 3-Gänge-Menu mat Buffet, eng Bühn, an zwou Bands haaten si fier deen Owend organiseiert. De Ben Greiveldinger an de Jeff Bieber, een aktuellen (Ben) an een aalen (Jeff) Member vum LST, hun d'Gäscht duerch den Owend gefouert, an no der Entrée ass och schon di eischt Grupp opgetrueden: Zero Point 5 vun Esch.

Nodeems den Jean-Claude Havé seng Ried gehaalen haat an d'Leit op hieren Dessert gewaart hun, hun d'Jongen vun Esch weider fier gudd Stimmung gesuerget. No dem Dessert ass dun di lescht Band opgetrueden, d'Millemoaler. Den Duo, deen haaptsächlech letzeburger Folkslider sengt, huet fier eng super Atmosphäre gesuerget an den Owend perfekt oofge-

ronnt.

Bis halwer 3 nuets huet daat ganz am Nell's Park gedauert, ier all dei, dei nach Loscht haaten, mat engem Bus, deen fierun der Dier gewaart huet, op den Campus vun der Uni gefouert gin sin fier am Lieblingscafé vum LST, dem Übergang, deem seng zwee Cheffen och op



Jean-Claude Havé - Grennungsmember vum LST

der Feier agelueden waren, nach e puer Pätt ze drenken.

Et wor e super flotten Owend, deen ganz gudd organiseiert war; an eng Party, dei den LST sou schnell net wiert vergiessen! Wei lang den Owend elo schlussendlech genau gedauert huet wessen wahrscheinlech nemmen dei, dei et och bis zum Schluss gepackt hun.

Ech fier main deel kann nemmen soen, daat ech mech super amüseiert hun an frou sin, daat alles esou super geklappt huet.

Gilles Saracini, Eventmanager LST



Kleeschen 1992 [LST - Archiv]

## REEL 2014 zu München 16.-19.11\*



REEL... nondidjöö... Elo mol éierlech... woren dat net genial véier Deeg an der Weltstad mat Häerz? Also op d'mannst ech sinn atemlos. Zwar konnt ee sech schonns erwaarden, datt deen extremst kompetenten Comité vun dësem Joer een uerdentlechen Programm géing op d'Been stellen. Datt ech allerdings och dräi Deeg no der REEL nach ëmmer meng Stëmm net ganz erëm hunn, wor elo wierklech net geplangt.

Et ass also un der Zäit sech kuerz zeréck z'erënnere an an dësem klengen Artikel ze rekapituléieren, wat sech an den Deeg vum 16.-19. Oktober an der bayrescher Haaptstad ofgespielt huet.

### Busfahrt

Wéi sou oft, goug et op engem Mëtwoch-Owend mat Bussen vun Dikrech an dem P+R Sud um Houwald lass a Richtung München. Hei konnt een ausschliisslech gutt gelaunte an héich motivéiert REELanerinnen a REELaner begéinen. Nodeems déi éischt Béier geknackt an och d'Participant'en vu Karlsruhe mat u Bord woren, goufen et keng Beréierungsängscht méi an de Prozess fir Studenten aus den ënnerschiddlechste Stied a Länner während véier Deeg zu enger grousser Famill ze verschmelzen huet säi Laf geholl. (Och wann deen éischte Karlsruher schonns de Geescht opginn hat, ier en iwwerhaupt an de Bus erageklomm wor)

Op eisem läschte Tankstellenstop zu München huet sech dunn onnerwaart deen 122. REELaner (de Schumpi wor deen 121.) bei d'Famill gesellt: de Kevin. An dese Kevin sollt op der REEL nawell fir uerdentlech Furore suergen.

### Donneschdeg

Wéi gewinnt goug et Moies direkt lass mat den ACEL-Workshopen, déi sech dëst Joer ëmt déi dräi Themeberäicher „Bild vum Student zu Lëtzebuerg“, „D'Gesetzlech verankert Studentevertriedung“ an „Berufswelt a Berufssastieg zu Lëtzebuerg“ gedréint hunn. No engem „Hend!“ goug et op eng extrem Rallye duerch d'Stad. Hei goufen d'REELaner téschent de verschiddenen Statiounen um Königsplatz, Odeonsplatz, Isartor an Sendlingertor hinn an hir geschéckt. Leider wor keng Kleederschlaang derbäi, eng Spezialitéit vun de REELaner. Den Oofschloss huet dunn d'Owesiesse mat lecker Lasagne ;- am Provisorium an der Lindwurmstraße gemeet. Hei gouf net nëmme dat offiziell REEL-Lidd 2014 astudéiert, mä och dat lëtzebuergesche Studente-



lidd schlechthinn.

Dem Michel Sardou säi „Lac du Connemara“ (op deen dat iwwerhaupt weess?), gouf esou hefteg gedantz, datt d'Personal hannert dem Comptoire just nach staune konnt.



### Freideg

Freideg ganz fréi moies stoungen dunn d'Visiten um Programm: de Leibniz-Rechenzentrum, d'Allianz-Arena, eng BMW-Werksféierung, eng Visite an der Paulaner-Spaten-Brauerei an eng Stadféierung. Op all Mënsch et op seng Visite gepackt huet, kann ech elo hei leider net méi soen.

D'Mëttegiessen gouf et dunn beim ale Wiert zu Höhenkirchen, wou mer Kässpatzle kruten, déi een souguer nach selwer duerft wierzen. Nodeems déi meescht REELaner dunn och wierklech erwächt woren goug et lass mat engem uerdentlechen „Dësch an d'Luucht“. Wat vill vun eisen ugehenden Akademiker allerdéngs net beduecht haten, wor, datt déi laang Dëschreien mat enger eenzeger Napp iwwerzu woren. Et huet also uerdentlech Ko-



ordination dofir gebraucht, fir en 10 m laangen „Dësch“ an d'Luucht ze hiewen. Uschléissend koumen d'Partnervierträg am Arcone-Zentrum un d'Rei an duerno d'Foire. Nodeems dës vun deene meeschte REELaner erstaunlech waakreg iwwerlief goufen, goug et un den Aperitif mat Schampes ier d'Busser

eis an de Löwenbräukeller op de Stiglmaierplatz gefouert hunn.

Am Löwenbräukeller woren d'REELaner dann och net méi ze halen an als Begréissung konnt de Minister Meisch fir d'éischt eemol allegueren d'Dëscher am Sall vun ënnen bestaunen. Et gouf souguer eng extra Hymn op hien getext, déi fir sou munnech Schmunzler gesuergt huet.



Erstaunlechste wor allerdéngs, datt mol eng Kéier d'Service-Personal beim „Dësch an d'Luucht“ net an déi gewéinlech „Schockstarre“ verfall ass, mä de Wiert perséinlech souguer nach eng Zugabe verlaangt huet. Den Owend resp. de Moien gouf dunn an enger gemittelter Atmosphär am „Jack Rabbit“ ausklänge gelooss, wou all Mënsch komplett bei der Saach wor.



### Samschdeg

Wéi ëmmer houscht et fréi aus de Better ze klammen, sech sou schnell wéi méiglech niichter an de Busser zeréckzefannen a gespaant dem Debat téschent dem Héichschulminister an der ACEL nozelauscheren. Hei woren d'Haaptthemen d'Evaluatioun vun der Aide Financière an d'Virbereedung vun der gesetzlech verankerter Studentevertriedung.



Nom excellenten Mëttegiessen am Weinhaus Neuner, goug et zeréck an den Audimax vun der TU fir d'Podiumsdiskussioun „Selbstbestim-



mung der Universitäten – inwiefern vun der Wirtschaft beeinflusst?“. Heirunner hunn delgeholl: Isabell Zacharias, héichschoupolitesche Spriecherin vun der SPD-Landtagsfraktioun,

Prof. Dr.-Ing. Markus Lienkamp vum Fahrzeugtechnik-Léierstull, Här Wolfgang Elsäber, Geschäftsféierer vun der ASTRA Deutschland GmbH (an Honorarkonsul vu Lëtzebuerg zu München), an Prof. Dr. em. Jean-Paul Lehnert vun der Uni Lëtzebuerg.

Uschléissend goug et fir d'éischt, op Invitatioun vum Konsul, an de Maximilaneum, der bayrescher Eliteakademie wou och de bayresche Landtag säi Sëtz huet. Dësen eemolegen



Event wäert wuel deene meeschte REELaner am Gediechtnes bleiwen, well eng méi schéi Vue op München an de Sonnenënnergank féint ee wuel kaum. Ganz ze schweigen vun deem extreme Kader.

D'Owesiesse huet am Rilano Nr 6 direkt beim Stachus stattfont. Hei konnten d'REELaner hir gewinnt gutt Kannerstoff eraushänke loossen. Well, wéi et sech fir esou ee viirneeme Kader wéi d'Soirée Chic gehéiert, goufen vum „Dësch an d'Luucht“ fir d'éischt d'Schong ausgedoen, ier ee sech mat de beschte Strémp op de Stull gestallt huet. Mä net nëmme dat. Zu allem Iwwerfloss hat ee Student moies an der Herberg seng Studentekaap vernoléissegt, déi dann och prompt geklaut gouf. An et wor néirens gerénger wéi am Rilano, virun den Aan vum Prof. Lehnert an dem Konsul, wou hien se huet missen zeréckkaafen, pardon... zeréckdrénken. Gott-sei-Dank konnt hien sech op d'Solidaritéit vum ACEL-Comité verloossen, soss wier d'Soirée eriwuer gewiescht, ier se ugefaangen hätt.

Kreativ wéi d'REELaner an d'REELanerinnen sinn, gouf géint 02:00 (déi Zäit ass geschätzt) e spontane Catwalk organiséiert, wou dat schéinste weiblecht REELskleid kuréiert gouf. Gewonnen huet hei iwweregens de Jan Sowa (mengen ech mol). Well och op enger REEL d'Genderegerechtkeet grouss geschriwwe gëtt, hu sech op der Hären- wéi op der Damentoilette ëmmer d'selwecht vill Hären a Dammen opgehaal. Dëst wor allerdéngs net nom Geschmaach vum Türsteher, wat deene meeschten awer egal wor.

Ee weideren Highlight vum Owend wor de Fakt, datt de Kevin a säi gudden Frënd de JS

sech fierchterlech ewechgehäit hunn. Dobäi goufe virun allem dem Kevin seng Exen mat vill Bäifall begleet. Opwuel de Kevin um Enn vum Owend relativ schlecht wor, ass hien trotzdem nach bei enger Kölnerin am Bett gelant (net esou fir de JS).

**Sonndeg**

Mat uerdentlech ausgeniischterten a waakregen REELaner sinn déi zwee Bussen bei beschtem Wieder a Richtung Schliersee gefuer (oder besser geschlach), wou ee Brunch mat herrle-



chem Panorama op der Schlierseealm um Programm stoung. Déi, déi schnell op de Brunch wollte kommen konnten dunn erop trëppelen a fir all déi, déi méi Zäit haten, stoung och nach eng Seelbunn zur Verfügung.

Déi zwou Oofschlossaktivitéiten woren op der enger Säit 15 min an den Thermene oder op der anerer Säit eng Visite bei der Whiskey-Destillerie Slyrs. Hei gouf et nach emol richteg spannend, wéi e puer radikal REELaktivisten deen aarme mësshandelte „Pol de Péckvillchen“ aus der grausamer Haltung bei der Slyrs-Desillerie befreit hunn. De Pol sollt dann och spéider



dem Kevin, dee sech méttlerweil rëm erholl hat, säi beschte Kolleg ginn. Weiderhinn hu mir geléiert, datt bayresch Kéi sech op greng Wiisen zu Doud langweilen an datt de Schliersee ee Walfanggebitt fir Blauwalen ass.

Den Ofschloss gouf mat engem wonnerbare Grillowend op der Schlierseeinsel begaangen, wou d'REELaner nach emol hir läscht Reserve mobiliséiert hunn. Hei goufen dann, niewent der Gewinnerequipe vum Rallye, och de Mr.



an d'Ms REEL gekürt. Den Titel vun der Ms REEL goug un de Marco vu Woluvé, wéint sengem Treffsecher ausgewielten Dirndl an dee vum Mr. REEL un de Kevin a säin Unhängsel. Ier et op d'Schëff fir zeréck goug, koug et nach emol zu enger spontaner Aktioun, wou e puer REELanerinnen a REELaner am Adamskostüm an de Schliersee eng Ronn schwamme goug (an déi wore bestëmmt méi laang am Waasser, wéi d'Leit vun der Thermeneaktivitéit vu Mëttes).

**D'Reckfahrt**

Wien elo geduecht hätt, all Mënsch géing, sou bal am Bus, direkt pennen, deen hat sech geschneiden. Well am Bus fir an d'Stad, huet sech eng Experteronn ëm den Dr. Bibbi afonnt, fir iwwert déi neisten Erkenntnisser a Fortschreiter an der Intefuerschung ze diskutieren. Et wor dann och net verwonnerlech, datt den Dr. Bibbi dem Pol säin Adoptivpapp ginn ass, well en hei a gudden Hänn ass.

Mir wëllen un dëser Plaz dann awer och net vergiessen, alle REELaner a REELanerinnen, dem Minister Meisch an dem Här Lenert, de

Participant'en vun der Podiumsdiskussioun souwéi de Busschaufferen vu Sales-Lentz an eise Sponsoren ee grouse Merci ze soen, fir dësen extremen Event,

De REELS-Comité

\*Dësen Artikel ass keng Fiktioun. All Persounen an Evenementer déi hei erwähnt ginn, ginn et wierklech resp. sinn tatsächlech passéiert. N.B. fir Genderaktivisten: REELaner soll an dësem Fall och fir REELanerinnen stoen. Mir hoffen op Ärt Versteesdemech.



**De Guide du Futur Étudiant!**



Wat soll ech wou studieren? Wou soll ech studieren? Wéi genau leeft dat alles? A wat maachen déi verschidden Cercle?

Dës Froen hues du dir als Iière oder I3e Schüler och scho gestallt? Dann ass de „Guide du Futur Étudiant“ genau dat Richtegt fir dech!

**Vu Studente fir Studente**

Dëse Guide bitt dir eng Hëllef op der Sich nom

richtege Studium an där richteger Stad. Ganz nom Motto : „Vu Studente fir Studenten“ gëtt dëse Guide säit 27 Joer fir all Schoulentrée vun der „Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois“ (ACEL) an hire Membercercle néi editiert. 39 Studentecercle a 5 fachspezifesch Studentenassociatiounen stellen sech an dësem Guide fir.

**Praktesch Informatiounen**

Du fënns praktesch Informatiounen iwwert d'Universitéiten, déi touristesch Aspekter an net ze vergiessen, d'Studenteliewe vun net manner wei 38 Stied. Eng kleng perséinlech Note vun dësem Guide ass, dass d'Cercle eng Kontaktméiglechkeet uginn, un déis du dech bei méi spezifesch Froen kanns wenden.

Säit der Editioun 2013/2014 gi elo och di zu Lëtzebuerg uegbuede BTS Studie virgestallt.

De Guide du Futur Étudiant ass gratis an gëtt den op der Foire de l'étudiant verdeelt an ass op all Spuerkeessagence, beim CEDIES, SPOS, BNL, SNJ, Maison de l'orientation (ADEM), PIJ Esch, Maison des Jeunes Mondercange, CIJ an natierlech och beim Comité vun der ACEL an online um Site vun der ACEL (www.ancel.lu) ze kréien.

Du hues nach weider Froen? Dann wend dech un d'ACEL (contact@ancel.lu) oder un déi respektiv Cercle.

**Eisen Guide du Futur Diplômé**



Du bass matt der Schoul fäerdeg? Hues däin Unisdiplom an der Täsch? Oder einfach Loscht schaffen ze goen?

**Däin Start an d'Beruffsliewen**

Dann ass den « Guide du Futur Diplômé » genau dat richtegt fir dech! Säit 1999 Joer gëtt et elo den Guide du Futur Diplômé an säit deem probieren mer deene Jonken de Start an d'Beruffsliewen ze vereinfachen.

Di neisten Editioun vun eisem Guide gëtt dir eng ganz Retsch Informatiounen zu allem wat e wësse sollt fir dass de Start an d'Beruffsliewen e Succès gëtt:

Wie funktionéiert de lëtzebuenger Sozialsystem? Wie schreiwen ech en CV? Eng Lettre de motivation? An wat muss ech maache wann ech mech wëll selbstänneg maachen?

Dëst sinn nëmmen e puer Froen op déi de Guide äntwerte kann. Donieft fënns du nach vill aner praktesch Informatiounen iwwert Lifelong learning, Pensioun an de lëtzebuenger Aarbechtsmarché am neie Guide du Futur Diplômé.

**Wou kréien ech den Guide du Futur Diplômé?**

De Guide kriss du gratis um Stand vun der ACEL op der Foire de l'étudiant, an all Spuerkeessagence, op der Uni.lu, beim CEDIES, bei der ADEM, CIJ, SNJ, OAI., op guichet.lu, an der Nationalbibliothék, an natierlech och direkt op Ufro bei der ACEL (contact@ancel.lu).

Zudem gouf de Guide an all Lycée verdeelt.

Méi Informatiounen an en online-Guide fënns du op der Internetsäit vun der ACEL : www.ancel.lu

# Wéi gudd kenns du d'ACEL an d'ACEL?

Test däi Wëssen!

1. Nenn eng Stad di schonn dräimol d'REEL organiséiert huet
2. Nenn ee vun de Grennungscerle vun der ACEL op der REEL 1984.
3. Wéiee Cerle huet di gläich Ofkierzung wéi de städtesche Busbetrib?
4. Wéiee Cerle huet a sengem Numm dat Wuert "Amicale"?
5. Nenn ee Studentebal aus der Chrëschtzäit
6. Wou studéieren d'Studenten aus dem Cerle "ALESONTIA"?
7. Wéi ginn fachspezifesch Cerclen nach genannt?
8. Nenn ee fachspezifesch Cerle
9. Wéiee Cerle ass dee jéngste bei der ACEL?
10. A wéineger auslännescher Stad ginn et zwee Cerclen?
11. De Cerle säin Zeechen ass de Storch
12. Hannert der Ofkierzung LSC stécht wéi eng Stad?
13. Aus wéi enger Stad kennt de Cerle "GrandDucal"?
14. Wéi eng REEL war am wéiste vu Lëtzebuerg ewech (Loftlinn)?
15. Wéi eng Stad hat fir d'éischt de REEL Hattrick (dräimol Organisateur)?
16. Wéi vill Presidenten hat d'ACEL bis haut?
17. 2014 féiert d'ACEL 30 Joer, wei vill REEL'en goufen et bis haut?
18. Wéiee Fachberäich encadréiert d'ALEM?
19. Wéiee ass dee gréisste Cerle (Memberszuelen)?
20. Wou fënnt een d'Ecostudente rem?
21. "Ask me, I'm an engineer".
22. Wéiee Cerle gouf 1979 gegrënnt?

only-you.lu



You never know

medienfabrik.lu



Only DKV.  
Only you.

DKV Luxembourg S.A.

a member of **MUNICH HEALTH**



© 2014. For information, contact Deloitte Touche Tohmatsu Limited.

## How high are your ambitions? Luxembourg. Shape your future

It's your career. With an ever growing firm of now more than 1,500 employees and over 45 nationalities, Deloitte Luxembourg is one of the leading professional service organisations specialising in audit, tax, financial advisory and consulting. Our standards of high performance come from our focus on the continuous development of each individual in order to help you reach your full potential. This is because we believe our strength comes from our teams who strive to provide quality solutions for our clients. Start exploring new opportunities alongside the experts and discover where your talent takes you. **What will you make of it?**

Learn more about our firm and apply online at:  
[www.deloitte.com/lu/careers](http://www.deloitte.com/lu/careers)



**Deloitte.**

# CELWo - Cercle des Etudiants Luxembourgeois à Woluwé

Woluwé ? Noch nie gehört ! So wird es vielen gehen, welche diesen Artikel lesen. Dabei ist die Universität dieser kleinen Gemeinde am Rande Brüssels weltbekannt: die Université Catholique de Louvain...! Louvain in Brüssel? Und gibt's in Brüssel nicht schon den CELB? Ja es gibt eine Menge Erklärungsbedarf und dazu reisen wir, für die wo es interessiert, gute 60 Jahre in die Vergangenheit. In den sechziger Jahren gab es die UCL noch nicht unter diesem Namen, sondern sie hieß KUL „Katholieke Universiteit Leuven“ und war wie der Name es verrät in Löwen (Flandern), knappe 20 km von Brüssel entfernt ansässig. Aufgrund von Platzmangel der medizinischen Fakultät wurde schon Ende der Fünfziger nach einem neuen Standort für eine Universitätsklinik gesucht. So wurde im Jahre 1965 ein 48 Hektar großes Stück Land in der Brüsseler Gemeinde Woluwé-Saint-Lambert gekauft wo dann auch sofort die Bauarbeiten begannen. Fast zur gleichen Zeit spielte sich ein dunkles Stückchen Geschichte in der Vergangenheit Belgiens ab, der „Walen Buiten“, zu Deutsch „Wallonen raus“. Ein politischer und Gesellschaftlicher Eklat zwischen Flandern und Wallonien führte zu Ausschreitungen zwischen beiden Gemeinschaften und gipfelte unter anderem in der Abtrennung des französischsprachigen Teils von der KUL, die UCL war geboren. Eigens dafür wurde eine neue Stadt aus dem Boden gestampft: Neu-Löwen, allgemein als „Louvain“ bekannt.

Die Luxemburger Studenten zogen somit auch je nach Studienrichtung nach Woluwé oder Louvain um und die damalige Studentenvereinigung versuchte trotz 30km Entfernung zusammenzuarbeiten. Da dies zu viele Probleme mit sich zog teilte auch sie sich auf, zum einen in die heute sehr bekannte „Grand-Ducale“ und zum anderen den weniger bekannten, kleineren CELWo welcher 1982 gegründet wurde.

### Zur Stadt selbst

Die Gemeinde Brüssel beherbergt ungefähr 170.000 Einwohner und zusammen mit 18 anderen Gemeinden bilden diese die Region Brüssel Hauptstadt mit einer Gesamtbevölkerung von 1.170.000 Personen. Die anderen beiden Regionen Belgiens sind Flandern und die Wallonie.

Brüssel ist nicht nur die Hauptstadt von Belgien und Europa sondern eine Internationale Metropole mit unter anderem dem Hauptsitz der Europäischen Union, der NATO, des Sekretariats der Benelux-Länder, Eurocontrol, die Liste ist lang.

Brüssel bietet vieles um dem Alltag und den Kursunterlagen zu entfliehen. Es gibt zahllose Sehenswürdigkeiten zu entdecken wie zum Beispiel das Atomium; das wie der Eiffelturm von Paris für die Weltausstellung von 1958 gebaut wurde, die „Serres Royales“ oder die unzähligen Parkanlagen. In der Altstadt sind einige besonders hervorzuheben: die „Grande Place“, die zum Weltkulturerbe der UNESCO gehört, die „rue de Bouchers“ mit ihren zahlreichen Restaurants, darunter das Weltberühmte „Léon“ oder die Jeanneke Pis beziehungsweise ihr weitaus bekannteres Pendant, der Manneken Pis: für seine kleine Größe, die wohl bekannteste Skulptur Belgiens. Zudem gibt es ein grosses Kunst- und Kulturangebot in den vielen Museen, Ausstellungen, Theater und der Philharmonie.

Wem das noch nicht genügt, wird spätestens mit dem angebotenen Nachtleben zufrieden gestellt: Brüssel bietet eine Vielfalt an Restaurants, Bars und Cafés wie das berühmte Delirium Café, das den Guinness Welt Rekord gewann für die grösste Auswahl an heimischen und internationalen Bieren.

### Der Campus

Bei dem Gedanken in Brüssel zu studieren, denken die Meisten sofort an die Université libre de Bruxelles (ULB). Jedoch gibt es eine Menge an Hochschulen und eben am anderen Ende der Stadt den Campus der Université Catholique de Louvain (UCL), ein „mini-Louvain“. Auf und um den Campus befinden sich zahlreiche Grünflächen und Parks, ideal zum joggen, lernen, sonnen und nach den Examen zu feiern. Dazu laden auch eine ganze Reihe von Cafés, Bars und die Partyräume der verschiedenen Cercles ein. Natürlich findet man auch alles was man zum Leben braucht: Bäcker, Läden, Nightshops, Restaurants, Friseure, Kopierläden, Kindergärten und Schulen (auf einem Campus wo über die Hälfte Medizin studiert und somit durchschnittlich 9 Jahre dort verbringt ist letzteres unumgänglich...).

Zentrum des Campus ist die Clinique Universitaire Saint-Luc mit über 1000 Betten, welche 1976 gegründet wurde und über 5500 Personen beschäftigt. Die Gesichter auf dem Campus sind dadurch sehr vielfältig: Ärzte, Krankenpfleger, Wissenschaftler, Studenten, Patienten: 26.000 Menschen wohnen und passieren jeden Tag. Neben dem Krankenhaus befinden sich die Gebäude der Fakultät, Hochschulen, Forschungszentren, Studentenwohnungen, Cafés und noch vieles mehr.

Das Universitätsgelände hat eine ideale Lage: es befindet sich nur 7 km vom Brüsseler Flughafen entfernt, liegt sofort am Ring neben den grossen Autobahnen und besitzt seine eigene U-Bahn-Station mit der man in nur 15 Minuten ins Zentrum gelangt.

### Was kann man hier studieren?

Die UCL bietet 3 Fakultäten im medizinischen Bereich auf dem Brüsseler Campus an: Medizin und Zahnmedizin, Pharmazie und Biomedizin und öffentliches Gesundheitswesen. Auf dem Campus befinden sich auch einige Hochschulen wie die Haute Ecole Léonard de Vinci mit mehreren Instituten wie das Institut Supérieur d'Enseignement Infirmier (ISEI/Parnasse), das Institut Supérieur Industriel (ECAM), das Institut d'Enseignement Supérieur Pédagogique (ENCBW) oder das Institut Paul Lambin für Medizintechnik; die Ecole Pratique des Hautes Etudes Commerciales (EPHEC) und andere, wo jeder seine Fachrichtung finden kann.

### Was hat der CELWo zu bieten?

Wir sind ein Verein dessen Hauptziel es ist den Spagat zwischen traditionellem belgischem Cercle und moderner luxemburgischer Studentenverbindung zu bewerkstelligen. Das bedeutet auf der einen Seite traditionelle Abende wie sie in Belgien üblich sind mit den


anderen Cercles zu organisieren und sich in der neuen Heimat einzuleben. Auf der anderen Seite die Interessen der luxemburgischen Studenten zu vertreten und diese zu beraten, insbesondere für die große Anzahl an Medizinstudenten, wo öfters Aufklärungsbedarf besteht, wie für den jüngst in Kraft getretenen „Tirage au sort“.

### Wieso zwei Studentenverbindungen in einer Stadt?

Die Studentenverbindungen haben in Belgien große Tradition, ihre Ursprünge reichen teils bis ins 19. Jahrhundert zurück und auch hier ist es eine sehr komplizierte Geschichte die zum aktuellen Stand der Dinge geführt hat. Dies hier zu erklären würde jeglichen Rahmen sprengen, aber wen das genauer interessiert, kann dies im luxemburgisch verfassten Buch von über 450 bebilderten Seiten nachlesen, dem „Ut semper Vivant – D'Geschicht an de Folklor vun de letzebuurger Studenten an der Belsch“. Ein Auszug bezüglich des CELWo befindet sich auch auf unserer Homepage: <https://sites.google.com/site/uclcelwo/historique>

Neben dem historischen und folkloristischen Unterschied ist der banalste die Distanz: die beiden Gelände der ULB und der UCL sind nur umständlich über mehrere U-Bahn- und Tramlinien verbunden, welche nach Mitternacht nicht mehr fahren und ein angemessenes Feiern nicht erlauben. Dies bedeutet aber nicht, dass es keinen Austausch gibt: unser diesjähriges Comité auf der ULB beim CELB Freibier (siehe Foto linke Seite)

Marco Pettinger an Olivier Gorget



## Doktoranteninterview

### Jo Hoerer



INSTITUT  
Universität Freiburg

TITEL  
Heterologous production, purification and characterization of the cytochrome bd ubiquinol oxidase of *Aquifex aeolicus* in *Escherichia coli*

DOKTORVATER  
Prof. Dr. Thorsten Friedrich

Jo Hoerer, 27, baute im Alter von 10 Jahren seinen ersten Regenzglashalter aus Sperrholz. Kein Wunder, dass er sich später entschied, Chemie zu studieren. Begeistern kann er sich auch für die Elektrotechnik. Hobbymäßig beschäftigt er sich mit 3-D-Druckern und spielt zur Entspannung Gitarre.

**FNR:** Jo Hoerer, Sie haben an der Universität Freiburg Chemie studiert und machen dort am Institut für Biochemie gerade ihre Doktorarbeit. Wie kam es, dass Sie in Freiburg gelandet sind?

**J.H.:** Ich habe mich nach dem Schulabschluss über die verschiedenen Möglichkeiten informiert. Die Universität Freiburg lag in einem Ranking für das Fach Chemie weit oben und hat insgesamt einen sehr guten Ruf. Außerdem kenne ich die Gegend durch frühere Familienurlaube im Schwarzwald und die Menschen hier

sind extrem nett.

**FNR:** An welchem Thema forschen Sie im Rahmen Ihrer Doktorarbeit?

**J.H.:** Es geht dabei um die bakterielle Atmungskette. Um den Prozess also, den Bakterien nutzen, um Sauerstoff zu verarbeiten und daraus dann Energie zu gewinnen. Energie die notwendig ist damit Bakterien überleben und sich vermehren. Mich interessiert ein molekulares Werkzeug, ein Enzym, das ganz am Ende der Atmungskette in Aktion tritt. Der Name dieses Enzyms ist ein wenig kompliziert, er lautet: Cytochrom-bd-Ubichinol-Oxidase.

**FNR:** Welche Bakterien nutzen Sie für Ihre Experimente?

**J.H.:** Wir arbeiten an *Escherichia coli*, das sind Bakterien, die auch den menschlichen Darm bevölkern.

**FNR:** Wie hat man sich Ihre Laborarbeit vorzustellen?

**J.H.:** Ich nutze bei meiner Arbeit eigentlich alle üblichen Methoden der Biochemie. Zuerst bringe ich die Bakterien dazu, das Enzym in größeren Mengen zu produzieren. Der zweite Schritt ist dann das Aufreinigen, also die Isolierung des Enzyms aus den Bakterien. Bei mir hat es ein Jahr gedauert bis die Methode gut funktionierte. Nun habe ich ausreichende Mengen des Enzyms zur Verfügung (ausreichend meint bei uns Mengen im Milligramm-Bereich), um weitere Untersuchungen zu machen.

**FNR:** Ein Jahr für das Aufreinigen? Das klingt nach Geduldsarbeit.

**J.H.:** Ich optimiere gerne meine Methoden und Bedingungen, damit ich hochwertiges Enzym erhalte. Außerdem hatte ich Unterstützung von Masterstudenten. Die musste ich zuerst zwar anleiten, was zeitintensiv ist, später aber waren die Studenten eine große Hilfe.

**FNR:** Was haben Sie weiter vor?

**J.H.:** Das Enzym, mit dem ich mich beschäftige, ist das letzte aus der Atmungskette, für das die Struktur noch nicht bekannt ist. Man weiß immer noch nicht genau, wie die verschiedenen Bausteine des Moleküls, die Aminosäuren, im Raum ausgerichtet sind. Um die Struktur aufzuklären, wäre für mich jetzt im nächsten Schritt dran, das Enzym zu kristallisieren.

**FNR:** Warum ist es wichtig, mehr über dieses Enzym zu wissen?

**J.H.:** Das Enzym kommt in sehr vielen bakteriellen Krankheits-erregern vor. Es ist bereits nachgewiesen, dass die Erreger zu Grunde gehen, wenn dieses Enzym blockiert wird. Man dreht ihnen damit quasi die Luft ab. Wäre die Struktur des Enzyms bekannt, könnten neue Antibiotika entwickelt werden, die die Vermehrung der Bakterien verhindern. Diese Antibiotika würden dem Menschen nicht schaden, weil wir dieses Enzym in dieser Form gar nicht haben.

**FNR:** Werden Sie jetzt auch noch nach solchen Antibiotika suchen?


**J.H.:** Ich arbeite jetzt fast zwei Jahre am Thema. Zunächst müssen wir die Struktur des Enzyms haben und dann könnte, allerdings mit großem Aufwand, nach solchen Antibiotika gesucht werden. Prinzipiell wäre das hier bei uns im Haus möglich, weil wir am chemischen Institut Tür an Tür mit den Mitarbeitern der Organischen Chemie arbeiten, die diese Antibiotika herstellen könnten. Ob es noch dazu kommt, ist zurzeit schwer abzuschätzen.

**FNR:** Gibt es schon Pläne für die Zeit nach der Doktorarbeit?

**J.H.:** Ich habe vor, nach Luxemburg zurückzugehen. Großes Interesse hätte ich, an den Projekten von Paul Wilmes mitzuarbeiten. Der Wissenschaftler am Luxembourg Center for Systems Biomedicine versucht, unter anderem, die Prozesse in Kläranlagen, woran ja auch Bakterien beteiligt sind, zu optimieren. Aus dem Fett, das dort anfällt, soll Biodiesel hergestellt werden. Das interessiert mich zum einen von der Mikrobiologie her, aber auch wegen der Chemie, die hinter den Prozessen steckt.

**FNR:** Und wenn das nicht klappt?

**J.H.:** Auch andere Bereiche der Biomedizin finde ich spannend. Die Biobank in Luxemburg erfasst und katalogisiert menschliches Gewebe. Forscher können diese Proben nutzen, um nach Gewebemarkern zu suchen – Proteine die als Indikator für die Entwicklung einer Krankheit dienen könnten. Forscher können z.B. Krebsgewebe untersuchen und sich parallel dazu Urinproben anschauen. Wenn es gelingt, darin die Marker des Krebsgewebes wiederzufinden, könnte man nicht-invasiv, also ohne in den Körper einzudringen, Krebstypen identifizieren. Das wäre dann zwar eine medizinische Fragestellung. Sie unterscheidet sich aber kaum von dem, was ich momentan mache. Denn in meiner Doktorarbeit geht es auch darum, ein Protein zu identifizieren und seine Eigenschaften zu beschreiben.



## Research = training + perspective See what's behind.

Through the **AFR Funding Scheme** (Aides à la Formation-Recherche), the FNR contributes to the improvement of the researchers' training conditions and enhances their career development. The AFR scheme promotes work contracts between AFR beneficiaries and their host institutions as well as public-private partnerships.

Interested in an AFR grant? **Check eligibility conditions and deadlines for forthcoming calls.** Go and see what's behind on [www.fnr.lu/afr](http://www.fnr.lu/afr)

**AFR**  
FUNDING SCHEME  
(AIDES À LA FORMATION-RECHERCHE)

Fonds National de la  
Recherche Luxembourg

INVESTIGATING FUTURE CHALLENGES

## Stage zu New York



Ech si Studentin am éischte Joer Master zu Stroosbuerg an hunn am Summer missen en obligatoresche Stage vun 2 Méint maachen. Ech wollt fir dee Stage an d'Ausland goen, an zwar e bësse méi weit wéi Stroosbuerg. Ech krut dunn eng genial Méiglechkeet fir op New York an enger Assurance, genau a mengem Studieberäich ze schaffen an hunn natierlech direkt di Geleeënheet ergraff.

Et war am Ufank e bësse komplizéiert fir en Studentevisa ze kréien a vun der Uni all d'Dokumenten iwwersat ze kréien, Administratioun vun der Uni haalt ;) Et muss een da schlussendlech och nach op d'Amerikanesch Ambassade fir an Amerika an erkläre wat ee vir huet. Jojo mat den Amerikaner ass et net fir ze laachen.

Wou ech dunn bis do war, huet alles gutt geklappt mat der Aarbecht,



krut direkt alles gewisen an erklärt. Et gött zu New York esou vill ze entdecken, sou vill flott Quartieren, dat war wierklech super! D'Kultur ass ganz intressant, d'Leit sinn immens oppen a frëndlech mä bleiwen am Endeffekt awer leider relativ iwuerflächlech. Ech krut dohannen och hiren Nationalfeierdag, 4th July, mat an et war en ganz schéint Freedefeier an d'Ambiance war amfong net ze vergläiche mat Lëtzebuerg fir eisen Nationalfeierdag, et war awer eng ganz flott Feier fir materliwien.

Et waren och Studentenassociatiounen an de Visa-Sponsor déi extra Eventer fir Stagiairen organiséiert hunn sou dass een och aner international Studente kenneléiere konnt.


Ech hat och vill Besuch, well am Summer vill Leit op oder duerch New York reesen, et ass dann natierlech cool fir sech dohannen ze treffen. Am grouse Ganzen hunn ech eng ganz gutt Erënnerung un déi Zäit.

Natierlech féint een sou ee Stage net duerch Zoufall an ech hat och vill Chance, mä ech géing et definitiv jidderengem uroden deen

d'Méiglechkeet huet, et ze maachen! Fir verschidder ass et vläit eng laang Zäit fir esou wäit fortzesin, mee et vergeet ganz séier wann een an der Woch schafft an et bleift eng eenzegaarteg Erfahrung!

Mélodie - Stroosbuerg





# JE N'ÉTUDIE PAS UNIQUEMENT MON LOOK



Avec **axxess UNIF**, vous profitez d'une carte VISA Classic, d'une carte de débit axxess valable partout en Europe, de solutions de financement pour vos études et de multiples autres avantages. Pour garder votre look et faire de vos études une réussite. Pour les étudiants de **18 à 30 ans** : conditions et infos sur [axxess.lu](http://axxess.lu)

**axxess UNIF**  
100% JEUNE. 100% VOUS.

  
**SPUERKEESS**

Banque et Caisse d'Épargne de l'État, Luxembourg, établissement public autonome, 1, place de Metz, L-2594 Luxembourg, R.C.S. Luxembourg B 30775 www.bce.lu/tel. (+352) 40151

# Lëtzebuenger Studenten vun Wien - LSW

Moien (beziéungswies Grüß Gott),

Mer sinn d'Lëtzebuenger Studenten vun Wien (LSW). Mer presentéieren hei kuerz eis Staat an der mer studéieren, den Cercle vu den Lëtzebuenger Studenten an eis Eventer wou mer am Joer organiséieren. Sou hoffen mer den Lieser oder och vläit zukünfteg Memberen en bessert Bild vun eisem Liewen eriwwer ze bréngen.



schwammen goen oder einfach alleng den ganzen Uni stress kann ofbauen an sech et richtig gutt an der Sonn goen loossen kann. Wann mer schonn bei der Donau sinn, all Joer gëtt fir déi méi musikalesch interesséiert den gréissten Open Air Festival an ganz Europa organiséiert, mat bis zu 3 Milliounen Besucher während 3 Deeg, an dat seguer mat fräiem Ent-rée!

Kleeschen wou mer natierlech den Herr Kleeschen perséinlech kennen begréissen an Leit déi do sinn souguer eppes geschenkt kréien. Donieft kommen am Joer nach ëmmer kleng aner Aktivitéiten woubäi dat vun Joer zu Joer an Loscht ofhänkt.

Am Mai/Juni, wuel verstanen no den stressegem Examen, steet den gréissten Event vum LSW virun der Dier.

Am groussen Ganzen ass et eng Feier, wou mer eis alleguer op der Donauinsel treffen an e gemittlechen Dag mateneen verbréngen. Den Cercle organiséiert Grillsaachen an suert och dofir, dass genuch ze drénken fir jidderen do ass.

Bis elo war d'èst nach ëmmer en vollen Erfolg, zemools well mer d'èst Joer en Intercercle mat den Münchener organiséieren konnten. Wien als Unisstad bidde also Kultur an Diversitéit, an den LSW probéiert den Studenten nieft hirem stressegem Studium och déi aner Säiten vum Studenteliewen méi no ze bréngen. Mer freeën eis also ob dech!

Den LSW-Comitée



# Top 10 Unilänner

|     |                  |      |
|-----|------------------|------|
| 1.  | Lëtzebuerg       | 3776 |
| 2.  | Däitschland      | 3662 |
| 3.  | Belsch           | 3179 |
| 4.  | Frankräich       | 2276 |
| 5.  | Groussbritannien | 1227 |
| 6.  | Éisterräich      | 860  |
| 7.  | Schwäiz          | 536  |
| 8.  | Portugal         | 369  |
| 9.  | Holland          | 315  |
| 10. | USA              | 145  |

# Studenten ABC

présentéiert vun den Studenten mat der REEL 2014 zu München

|   |                     |
|---|---------------------|
| A | ACEL                |
| B | Béier               |
| C | Claude Meisch       |
| D | Dirndl              |
| E | Eklatant            |
| F | Fuerz               |
| G | Geheim              |
| H | Humpen              |
| I | Igor de Buschauffer |
| J | Jerry Lenert        |
| K | Kopplabunz          |
| L | Lederhose           |
| M | München             |
| N | Nondidjö            |
| O | Ou-Xi               |
| P | Pappmaché           |
| Q | Quartalszuelen      |
| R | Rebell              |
| S | Strenz              |
| T | Transvestit         |
| U | Universitéit        |
| V | Verbueden           |
| W | Wirtschaft          |
| X | Xanthophyll         |
| Y | Yogi Bär            |
| Z | ZiggeZagge...       |

Wien ass Hauptstadt vun Éisträich an huet 1,8 Milliounen Awunner. Wien ass eng schéin an grouss Staat mat iwwer 150.000 Studenten, wou et engem sécher net langweilig wäert ginn. Ongeféier 500 vun deenen sinn mer, d'Lëtzebuenger.

De Virdeel hei zu Wien ass, dass een sou zimlech alles studéieren kann wat een sech kann virstellen well et vill verschiddenen Universitétéen an Héichschoulen ginn.

Déi dréi bekannt an beléifste Universitétéen sinn "Universität Wien", "Wirtschaftsuniversität Wien" an "Technische Universität Wien". Alleng op der Hauptuniversitéit also der Uni

Bei eis brauch een also net ze soen dass et näischt fir näischt géif ginn.



Wien kann een tëschent 55 Bachelor an 116 Masterstudien auswielen.

Mais natierlech ass den Choix net nëmme bei den Studienrichtungen an Universitétéen grouss, awer och bei den villen Aktivitéiten an Eventer déi an sou engem Grousstadnatierlech net feelen dierfen.

Et gëtt u sech keen Weekend wou näischt gréisseres vun der Stad selwer organiséiert gëtt, dorënner falen zum Beispill de Filmfestival um Rathausplatz, wou een méi wei 2 Méint laang all Owend ënnert engem frëndlecher Gesellschaft sech Filmer/Concerten/Operen ukuken kann.

Natierlech kritt een do bei etlechen Stänn och gutt Saachen ze drénken an zessen, sou wei meeschtens bei den Éisterräicher, déi schonn bei villen Lëtzebuenger mat hiren Nationalgericht punkten konnten.

Fir déi méi sportlech gëtt och all Joer den Wiener Eistraum organiséiert wou een 7 Wochen kann iwwer eng kënntlech ugeluechten Äispiste sausen.

Net ze schwätzen vun der Donauinsel wou een am Summer kann mat Kollegen grillen an

Et ass also fir jidderen eppes dobäi, egal ob een den Weekend sou richtig feieren well oder einfach an enger gemittlecher Ronn en gudden éisterräichesche Béier genéissen well. Esou huet Wien et gepackt déi Stad mat der héchster Liewensqualität ze ginn an huet dobäi Stied wei München an Zürich hannert sech gelooss.

Den LSW organiséiert och Eventer fir déi Leit wou drun interesséiert sinn, zum Beispill hu mer do eis Welcome Party am Ufank vum Joer wou all Lëtzebuenger zesammen feieren.

Dono gëtt et wei an deenen meeschten Stied natierlech och bei eis eng Daf, wou mer en Rallye duerch Wien organiséieren mat verschiddene Stänn an Aufgaben.

Spéitstens do huet een d'Méiglechkeet etlech Frëndschaften ze knüpfen.

Am Dezember organiséiert den LSW den



# Natierlech och ee klénge Sudoku

|   |   |   |   |   |   |   |   |   |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
|   | 2 |   |   |   |   |   |   | 7 |
|   | 7 |   |   | 4 |   | 1 |   |   |
| 9 |   | 5 |   |   |   |   |   |   |
|   | 8 |   | 6 | 3 |   |   |   | 2 |
| 7 |   |   |   |   |   |   |   | 1 |
| 2 |   |   |   | 1 | 8 |   | 6 |   |
|   |   |   |   |   |   | 4 |   | 9 |
|   | 3 |   | 1 |   |   |   | 2 |   |
| 4 |   |   |   |   |   |   | 8 |   |

## D'ACEL, den Ufank, am historesche Kontext

Déi éischt REEL (Réunion Européenne des Etudiants Luxembourgeois), déi 1984/85 d'Grënnung vun der ACEL, Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois, erbäigefouert huet, huet vum 15. bis den 17. November 1984 zu Karlsruhe stattfont. Wéi huet d'Welt deemools ausgesinn? Ab ee 1984 koum dem Nena säin "99 Luftballons" (1983) op Englesch eraus. "99 red balloons" gouf och en internationalen Hit. Esou wéi dem Frankie-goes-to-Hollywood säin "Two tribes", mat Kult-Video op MTV (Music Television - haut op youtube ze fannen). De Kale Krich ënnert der Reagan-Ära war op engem neien Héichpunkt ukomm. De 6. November 1984 war den US-Präsident Ronald Reagan erëm gewielt ginn. Am Chile huet de Pinochet seng Saueriee gemaach. An der blockfräier drëtter Welt, an Äthiopien, gouf et (alt erëm) eng extrem Hongersnout. Permanent Hunger- & Krichgefor - ausser datt een als Kand an där Zäit gesot krut, datt am Joer 2000 kee Bam méi op der Welt giff stoen, et keen Ueleg méi giff ginn, etc., sollt een ëmmer säin Teller eidel iessen. "Denk un déi aarm Kanner an Afrika!" Mam Purée a mam Spinat.

International gesinn war et an der westlecher kapitalistescher fräier Welt d'Zäit vun de Partyen, nom Motto: "Feieren eier d'Welt an d'Luucht flitt". Fir d'Kommunisten deemools en Zeechen vun Dekadenz. Haut giffe jalous Leit dat pejorativ "Folklore" nennen. Grad am Joer 1984 hunn zoufällig déi "nei" Technologien Video an Hifi hiren Duerchbroch an der Welt gefeiert. Steet d'REEL dofir an der Fënnel-Minuten-virun-der-Apokalypse-Party-Traditioun vun den 1980er Joren? Neen. Well all grouse nationale Verband huet traditionell dräi Sainen: Formatioun, Lobbying an Memberlieden. Bei Studententassociatioun spillt d'(Fort-)Bildung (Studenten informéieren) déi klengste, Lobbying (Studenteninteresse vertrieben) déi gréisste Roll. D'Memberlieden (Meetings, Balen, Partyen) ass eng agréabel Begleedung. Dëst ass an den ACEL-Statuten 1992 kloer erkennbar. D'REEL gëllt als gelonge Kombinatioun vun deenen dräi Sainen.



Zu Lëtzebuerg gouf 1984 Lëtzebuergesch endlech per Gesetz eng offiziell Sprooch am eegene Land. De Grand-Duc Jang Ier huet säin 20. Trounjubiläum gefeiert. De Pierre Werner huet als Staatsminister opgehale. An exakt de 15. November 1984, um éischte REELs-Ufank, gouf zu Diddeléng de Steckel stëll geluecht. Grad zu Diddeléng, dat fir den "D" an ARBED (Acierés réunies de Burbach, Eich et Duden-

lange) steet. De Niddergang vun der Lëtzebuerg Stolindustrie huet d'Perspektiv op eng gutt bezuelte, quasi sécher Plaz, fir béid, qualifizéiert an onqualifizéiert Leit zu Lëtzebuerg, bei deem nationale Betrib a Monopolist, der ARBED, allgemeng zimlech verkomplizéiert. Op der "Studentefront" war déi säit 1951 bestoend UNEL, Union nationale des Etudiants du Luxembourg, tëscht 1969 a 1972 duerch lénksradikal Gruppéierung gesprengt ginn. Déi bis 1968/69 politesch neutral Daachorganisatioun UNEL hat et fäerdeg bruecht, déi politesch lénks orientéiert ASSOSS (1912 als AGEL, Association Générale des Etudiants Luxembourgeois, gegrënnt) an déi kathoulesch-riets ALUC, Association Luxembourgeoise des Universitaires Catholiques (1910 als Akademikerverein (AV) gegrënnt), als Memberen zesammen integréiert ze kréien. Dat war eng Leeschtung. Mee et ass Vergaangenheet.



Ab 1968 war alles op eemol ganz politesch ginn. D'ASSOSS, déi berühmt-berüchtigt 1960er-Mega-Succès-Bal-Organisatioun ("Grande redoute masquée"), 1970 leider politesch zersplittert, huet finalement 1981, 3 Joer virun der ACEL-Grënnung, décidéiert, nëmme nach e "mouvement culturel" ze sinn. Dat war der ASSOSS hiert Enn. Der UNEL, 1951 als "Association de fait" gegrënnt, hir Missioun, am Mémorial 1987 nei publizéiert, war op eemol eng kloer politesch ginn: Ofschaffung vun der Ausbeutung vum Mënsch duerch de Mënsch a vu Grenzen tëscht intellektueller a manueller Aarbecht. Datt dann an der ACEL hiren éischte offiziell publizéierte Statuten (Mémorial 1992) esouguer zweemol all studentepolitesch-ideologesch Mandaatsvermëschung explizit verbueden gouf, ass keen Zoufall. De Wonsch no enger onparteiescher Studentenklubfederatioun war do.

An dësem Ëmfeld ass d'ACEL entstanen. Op der Versammlung de 5. Abrëll 1985 gouf se gedeef. De selwechten Dag huet Mëttes den Tuerm vun der Kathedral gebrannt. Eng Woch méi spéit hunn d'Bommen am Land ugefaangen z'explodéieren. Dat war awer net der ACEL hir Schold. Op d'mannst net bewosst. Bei där explosiver Stëmmung 1985 zu Lëtzebuerg konnt ee frou sinn, als Student am Ausland ze sinn. An et hat een en Alibi. De Besuch vum Poopst am Mee 1985 zu Lëtzebuerg hat op déi nei Studentevertriidung och keen Afloss. Soss hätt et op der REEL wuel eng obligatoresch Mass fir all Student ginn, d'ACEL hätt en offiziellen Aumônier an dem Jesus seng Mamma Maria als Schutzpatrënesch.

Als Randnotiz vun der Geschicht notéiere mir nach, datt d'Ofkierzung ACEL zu Lëtzebuerg viru 1940 ausgeschriwwen "Association

Catholique des Etudiants Luxembourgeois" geheescht huet.



Am klassesche Lëtzebuergesche Politikspektrum, besonnesch bis 1990, dat heescht riets (Akademikerverein/ALUC) oder lénks (ASSOSS/UNEL), schwaarz oder wäiss, naass oder dreschen, kal oder waarm, wollt a wëll d'ACEL sech bis haut neutral positionéieren. Weder reaktionär-konservativ nach revolutionär-sozialisteschesch, weder Anarchist nach Konformist, konstruktiv a net destruktiv, an der demokratescher Mëtt vun der Gesellschaft. 30 Joer laang ass hir dat gelongen. Aus den ACEL-Comitéen hu vill Leit de Sprong un d'Spëtz vun der Gesellschaft gemeschert. Si sëtzen haut a wichtige Positionen an der nationaler Économie an am Staat. Zweek von de bis elo 22 ACEL-Präsidenten hunn et esouguer op national Wallësche gepackt. Béid bei den Demokra-

ten-Liberalen. Huet dat eng Bedeitung? Neen, wann een all ACEList fret. De Staatsminister Gaston E. Thorn (1974-1979) war jo an de 1950er Joren och UNEL-Präsident. E Studenteveräin oder eng Federatioun ewéi d'ACEL ass e klassescht Sprangbriet fir an d'Politik, e "Netzwerk vun der Elite" (Forum N°314). Well studéiert Leit besonnesch am Klengstaat Lëtzebuerg normalerweis automatesch an der Gesellschaft mat virbäi sinn. A Kombinatioun mam "zweeten Diplom", der Parteikaart, kënnt een dann an der Regel zimlech wäit.

1848, 1968, 2008, op d'mannst eemol am Jorhonnert knallt et an der Regel politesch-gesellschaftlech richteg béis. Da läit Revolution an der Loft. An deene Momenter ginn et ëmmer vill Schierbelen an der Studentenzeen. Studenten si nawell dofir gäre méi ufällig ewéi Senioren. Vläch well sech Pawesteng mat 20/25 Joer besser schéisse loosse ewéi mat 70/80? D'Fro stellt sech: Giff eng ACEL déifgräifend ideologesch Kämpf iwuerlieden? Mä wënschen hir et. 30 Joer, liicht méi ewéi eng Generatioun laang, existéiert d'ACEL elo. Et wär schéin, wann d'ACEL et packe giff, op der politesch neutraler Schinn ewéi bis elo e Jorhonnert laang weiderzefueren. Nom Motto: léiwer e Béierglas ewéi e Pawesteen am Veräinsarchiv.

De klengen Archivist  
(bei der ACEL-Grënnung 10 Joer al)

## Zürcher Bal : eng Traditioun



Nach d'Dinde vum Chrëschtagsessen am Bauch a scho gëtt sech e Crémant gegënt, d'Traditioun vum Zürcher Bal gëtt weider gefeiert mat senger 54. Editioun de 25. Dezem-

ber 2014. Nom Succès vum leschte Joer a sengem neien Doheem, der Rockhal zu Esch-Belval, wäert och dës Editioun um ale Stoolwierkkomplex stattfannen.

Vir grouss Acts ass och gesuert, mat den Noisemakers, dem Caine an dem David Puentez, deen an der ganzer Welt regelméisseg de Bam brenne léisst a schonn vun de grouse Legende wéi den David Guetta, Dj Tiesto a Bob Sinclair appréciéiert gëtt.

De Comité vum LSZ ass schonn zënter Abrëll mat der Organisatioun beschäftigt: Vun Locatioun an Design vun de Raim bis zum Transport mat Navetten ze verbesseren an d'Garderobe méi effizient maachen. Dofir offrëiere mir dëst Joer eng gratis Garderobe an en nieie Systeme fir d'Entréeën. Kuerz: Mir maachen alles, dass de Béier schmaacht, de Crémant rutscht an d'Cocktailer an de Kapp ginn.

Fir méi Informatiounen zu Ticketen, Navetten a generell Froe gidd op: [www.zuercherbal.lu](http://www.zuercherbal.lu)

## Impressum

ZOOM 2014

D'Studentenzeitung gëtt erausginn vun der ACEL a.s.b.l. (Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois)

R.C.S. Luxembourg F969

ADRESSE POSTALE  
ACEL  
B.P. 63  
L-7201 Bereldange  
Tél.: (+352) 691 42 05 38-39-40

[www.ancel.lu](http://www.ancel.lu)  
[contact@ancel.lu](mailto:contact@ancel.lu)

ÉDITEUR  
Yves Roth

REDAKTION  
ACEL Comité, ALEM, Fonds national de la recherche, CELWo, LSW, LST, LSZ, Mélodie, J-M Reding, REEL Comité, etc etc...

Fir Form an Inhalt vun den Artikelen ass eleng den Auteur verantwortlech.

D'ACEL seet all de Leit déi un dëser Editioun matgeschafft hunn e grouse Merci!

OPLAG  
30000 Exemplairen

LAYOUT & ILLUSTRATION  
Jil Welter, Yves Roth

PUBLICITÉIT  
Espace Regie  
54, rue Emile Mark  
L-4620 Differdange

